N°381
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 381 vum 22. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wat ass gesetzlech vu Maschinnen oder soss Material fir d'Sterilisatioun an engem Zänndokteschcabinet virgeschriwwen?*

D'Sterilisatiounsmaterial ass e medezineschen Dispositiv a muss als solchen den CE Marquage droen an den europäeschen Normen entspriechen.

*2. Kontrolléiert de Gesondheetsministère (oder en anere Ministère) bei der Ouverture vun engem neien Zänndokteschcabinet, ob all d'Material (Maschinnen) fir d'Sterialisatioun sur place ass, gesetzeskonform ass a funktionéiert?*

Et gëtt keng systematesch Kontroll bei der Ouverture vun neien Zänndokteschcabinet'en, well et keng gesetzlech Basis dofir gëtt.

Am Fall vun engem Problem oder enger geziilter Ufro déi drop hindéit datt en Zweiwel besteet ob d'Hygiènesmoossname korrekt ugewannt a respektéiert ginn, kënnen Inspektioune vun der Gesondheetsdirektioun stattfanne fir d'Konformitéit vun den Hygiènesreegelen ze kontrolléieren.

*3. Kontrolléiert de Gesondheetsministère (oder en anere Ministère) och bei alle scho bestoenden Zänndokteschcabineten, ob all d'Material (Maschinnen) fir d'Sterilisatioun sur place ass, gesetzeskonform ass a funktionéiert? Wa jo, wéi reegelméisseg ginn dës Kontrolle gemaach? Wa nee, wëll d'Ministesch hei Ännerunge virhuelen?*

Wéi schonn an der Äntwert op déi 2. Fro präziséiert, gëtt et keng systematesch Kontroll, well et keng legal Basis dofir gëtt.

*4. Sinn all dës Kontrollen annoncéiert oder net?*

Et hänkt vun der Natur vun der Kontroll of. Eng administrativ Inspektioun muss ugekënnegt ginn. Eng Inspektioun, déi vum Parquet declenchéiert gëtt, muss net annoncéiert ginn.

*5. Wéi eng Sanktioune gi gesprach, wann en Zänndokteschabinet net konform ass?*

D'Sanktiounen hänke vum Verstouss (infraction constatée) of souwéi vum Risiko deen hei vun ausgeet.

*6. Wéi vill Cabinete waren an deene leschten 10 Joren net konform wat d'Material an d'Sterilisatiounen ugeet (Zuele pro Joer)? Goufen an all dëse Fäll Sanktioune gesprach?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet kee Register fir dës Froe kënnen ze beäntweren. Des Weidere gi Sanktioune meeschtens vun Instanzen ausserhalb vum Ministère ausgeschwat (z.B. Collège médical, Justiz), zu dësen Donnéeën huet de Ministère keen direkten Zougang .

*7. Wéi laang dauert am Schnëtt d'Prozedur vum Constat de non-conformité bis zum Beruffsverbuet oder der Fermeture définitive vum Cabinet?*

Et sief hei op d'Äntwert op d'Fro Nr. 6 verwisen.

*8. Risquéiert de Staat am Kader vun der Responsabilité civile (mat) responsabel ze sinn, wa Patienten ee Schued entsteet, wärend eng Prozedur géint een Dokter oder ee Cabinet leeft?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ka just nëmmen an deene Fäll déi am Gesetz virgesi sinn, eng Prozedur géint een Dokter lancéieren.

Den Artikel 16 vum ofgeännerte Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwer « l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin vétérinaire » gesäit ënner bestëmmte Konditioune vir, datt de Minister an zwee Fäll intervenéiert: wann en Dokter onfäheg ass ze praktizéieren a wann et e "péril en la demeure" gëtt.

Dës Prozeduren si strikt ze respektéieren a mussen integral ofgeschloss sinn, ier datt d'Beruffspraxis vum Dokter ka vum Minister suspendéiert ginn. Esou laang en Dokter deemno net suspendéiert ass, kann hie weider Patiente behandelen.

Et ass och wichteg z'ënnersträichen, dass e medezinesche Kontrakt tëschent dem Patient a sengem Dokter respektiv Zänndokter existéiert, an dass am Kader vun der Ausféierung vun dësem Kontrakt den Zänndokter seng Aktivitéit ënnert senger eegener Verantwortung ausübt.

*9. Hu scho Patienten de Staat a sou engem Dossier viru Geriicht ugesicht (Responsabilité civile)?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet keng Kenntnis vun esou enger Prozedur.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez